N°3328
Entrée le 14.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n° 3328 vum 10. Dezember 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement iwwer d'« **Influence des investisseurs institutionnels et des** sociétés sur le marché du logement au Luxembourg »

1. Wéi vill Wunnengen (Haiser an Appartementer) sinn aktuell zu Lëtzebuerg am Besëtz vu juristesche Persounen (Societéiten, **Investitiounsfongen, Real Estate Investment Trusts, asw.), opgeschlësselt no Typ vun der Gesellschaft?**

2. **Wéi huet sech dësen Undeel am Verglach zum Besëtz vun natierleche Persounen iwwert** déi lescht zéng Joer entwéckelt?

3. **Wéi vill juristesch Persounen hunn de Moment e Portfolio vu méi wéi 10, méi wéi 50 respektiv méi wéi 100 Wunnunitéiten zu Lëtzebuerg?**

4. **Gëtt et geographesch Schwéierpunkten (Kantonen oder Gemengen), wou den Undeel u Wunnimmobilien am Besëtz vu Gesellschaften iwwerduerchschnëttlech héich ass?**

5. **Huet d'Regierung Kenntnis doriwwer, ob institutionell Investisseuren zu Lëtzebuerg** vermehrt Wunnimmobilien opkafen, déi virdrun am Besëtz vu Privatpersoune waren ("Buy-to-Let")?

6. Plangt d'Regierung, analog zu Iwwerleeungen am Ausland, de Kaf vu Wunnimmobilien **duerch grouss Investisseuren ze reglementéieren oder steierlech unzepassen, fir den Accès** op Eegentum **fi**r Privatpersounen ze schützen?

A senger Publikatioun „Panorama du foncier constructible au Luxembourg : prix de vente, incidence foncière et structure de la propriété" vu Juli 2023 huet den Observatoire de l'habitat eng éischte Kéier d'Besëtzverhältnisser vun Immobilien zu Lëtzebuerg am Sënn vun Terrainen anaylséiert an no Typologien vu Proprietäre klasséiert: Note 32 : Panorama du foncier constructible au Luxembourg : prix de vente, incidence foncière et structure de la propriété - Logement.lu - Ministère du Logement - Luxembourg

Dat gesot, ass d'Regierung am gaangen un engem nationale Regëster fir Gebaier a Wunnengen (RNBL) ze schaffen. Et handelt sech hei ëm ee Regëster an deem all Wunneng enregistréiert ass an deen et erméigleche wäert ee bessert Bild ze kréien iwwer d'Besëtzverhältnisser vu Wunnengen zu Lëtzebuerg a wéi déi sech iwwert d'Zäit ewech veränneren. Et sief an dësem Kontext op de Gesetzesprojet n° 8086 verwisen.

Et sief och drun erënnert, dass d'Regierung scho gezilt Moossnamen ergraff huet fir Eegenheemkeefer ënnert d'Äerm ze gräifen. Dozou gehéiert e.a. och d'Eropsetzen vum Steierkreditt "Bëllegen Akt" op 40.000 Euro pro Persoun zanter dem 1. Januar 2024 an d'Eropsetzen vun der Ofsetzbarkeet vun de Scholdzënsen op Immobiliekreditter.

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth